

REGLEMENT « FUN CHALLENGE CLIÄRREF »

VUN AUGUST BIS NOVEMBER 2021

1. Den Organisateur:

D'FUN CHALLENGE CLIÄRREF gëtt organiséiert vun der Jugendkommissioun vun der Gemeng Cliärref zesumme mam City Management, mat Sëtz 6, Montée du Château, BP35, L-9701Clervaux.

2. D'Challenge:

D'FUN CHALLENGE CLIÄRREF soll déi Jugendlech an awer och all aner Awunner vun der Gemeng mobiliséieren zesumme Spaass ze hunn.

Vun August bis November 2021 lancéiert d'Jugendkommissioun verschidden Aufgaben (Challengen) déi Dir als Grupp sollt erfëllen. Fir all Aufgab ginn et Punkten an zum Schluss gewënnt déi Équipe mat de meeschte Punkten. Nieft de groussen Aufgaben, ginn tëscheduerch och Bonus-Challengë lancéiert.

De Concours fënnt vum 9. August bis de 27. November statt.

Fir all Aufgab gëtt et een zousätzlecht Reglement.

Dëst gëtt all Kéier verëffentlecht wann déi nei Challenge annoncéiert gëtt.

All Challenge ass eng nei Erausforderung an d'Ëmsetzung variéiert. D'Léisunge mussen deementspreechend op verschidden Aart a Weisen eragereecht ginn (Mail, physisch Kreatioun, Video, ...). All dës Detailer kréien d'Participanten am Zousaz-Reglement pro Challenge matgedeelt.

All nei Challenge ass zäitlech limitéiert. Nom Zäitlimit gëtt keng Léisung méi vun de Participanten ugeholl. Reecht e Grupp seng Aufgabéléisung no dem Zäitlimit eran, gëtt dës net vum Jury consideréiert an et gi keng Punkte fir dës Aufgab un de Grupp verdeelt. Dat selwecht gëllt och fir eng Aufgabéléisung déi net de Konditioune vun der Challenge entsprécht. Dës Aufgab gëtt net vum Jury evaluéiert an et gi keng Punkten dofir verdeelt.

3. D'Konditioune fir matzemaachen:

All Grupp besteet aus mindestens 4 a maximum 10 Persounen!

De/D' President(in) (Responsabelen) vum Grupp muss mindestens 18 Joer hunn.

Dir kënnt Eech als Famill, als Veräin, als Frënn, als Schoukclass ... umellen.

Op mannst de/d' President(in) vun Ärer Équipe muss an der Gemeng Cliärref wunnen, oder Äre Veräi muss säi Sëtz an der Gemeng hunn.

D'Membere vum Jury esou wéi d'Memberen aus der Jugendkommissioun vun der Gemeng Cliärref dierfen net bei der FUN CHALLENGE CLIÄRREF matmaachen.

Eng Persoun dierf nëmmen eemol an engem Grupp ageschriwwen sinn. Falls eng Persoun sech méi oft bei verschiddene Gruppen aschreift gëtt d'Participatioun vun dëser Persoun annulléiert.

All Informatioun vum Participant muss der Realitéit entsprechen. Den Organisateur behält sech d'Recht vir, déi Persounen déi falsch Informatiounen uginn, aus der FUN CHALLENGE CLIÄRREF auszeschléissen.

Mellt Eech elo via Mail un: city.management@clervaux.lu

An der Mail präziséiert:

Den Numm an de Virnumm vum/vun der President(in):

+ d'Wunnadress vum/vun der President(in) (Strooss, Hausnummer, Postleitzuel an Uertschaft),

+ d'Telefonsnummer an d'Emailadress un déi Challengë geschéckt solle ginn,

+ de Gebuertsdatum vum/vun der President(in),

D'Nimm an d'Virnimm vun de Participanten an d'Uertschaft wou si wunnen.

Umelle kënnt Der Eech bis **den 27. August 2021**.

Nom Umelle kritt Dir och schonn déi éischt Challenge matgedeelt fir Eech "opzewiermen".

REGLEMENT « FUN CHALLENGE CLIÄRREF »

VUN AUGUST BIS NOVEMBER 2021

4. De Präis:

Déi Grupp mat de meeschte Punkte gewënnt en Ausfluch mam Bus oder mam Zuch dohinner wou de Grupp wëllt. Dësen Ausfluch huet eng Valeur vun dräidausend Euro (3000 €) fir d'Rees, Tickete fir eng Visitt oder fir an e Park, Iwwernuechtung falls néideg, a.s.w.

D'Valeur vun dräidausend Euro (3000 €) gëtt net vun der Gemeng Cliärref un de Gewënnergrupp ausbezuecht. D'Valeur vun dräidausend Euro (3000 €) gëtt vun der Gemeng Cliärref als « Budget » zur Verfügung gestallt. De Gewënnergrupp reecht der Gemeng Cliärref d'Rechnungen déi zum Ausfluch gehéieren eran a kritt de Montant zeréck iwwerwisen. Den Ausfluch ass limitéiert op eng Rees mat Bus oder Zuch. Eng Rees mam Fliger ass net mat abegraff.

5. D'Punkteverdeelung an de Jury:

All Aufgab gëtt vun engem Jury evaluéiert a mat Punkte beluecht. Fir all Aufgab gëtt et en zousätzlecht Reglement dat Detailer a Punkteverdeelung vun der neier Challenge definéiert.

All Grupp kritt d'Punkte per Mail matgedeelt. D'Participantë kënnen de Punktestand och online verfollegen. Den Ofaf vun der Punkteverdeelung ass ënnert dem Punkt 2 "D'Challenge" definéiert.

De Jury besteet aus:

- 1 President vun der Jugendkommissioun, Claude Weiler
- 1 Member Jugendkommissioun, Paul Bisenius
- 1 Gemeng Cliärref Service scolaire, Pascale Grommes
- 1 Gemeng Cliärref Schäffen, Georges Michels
- 1 Gemeng Cliärref City Management, Nadine Nicks

D'Punkteverdeelung ass d'Decisioun vum Jury a gëtt op Basis vun der Majoritéit vun de Stëmme vun de Membere vum Jury festgehal. D'Decisiounen vum Jury ënnerleien dem jeeweilige Reglement vun der Challenge. D'Decisiounen vum Jury mussen net beluecht oder erkläert ginn.

6. Déi perséinlech Daten:

Duerch d'Umelle bei der FUN CHALLENGE CLIÄRREF akzeptéieren all Participanten, datt déi perséinlech Donnéeën déi si zur Verfügung gestallt hunn a fir d'Participatioun erfuerdert ginn, vun der Gemeng Cliärref gesammelt a benotzt gi fir d'Participanten esou wéi d'Gewënner ze kontaktéieren, an dëst exklusiv fir d'Dauer vum Concours.

D'Participanten erklären sech och averstanen, datt d'Kreatiounen an d'Fotoen déi während der FUN CHALLENGE CLIÄRREF gemaach ginn an déi de Grupp eragëtt, dierfe verëffentlecht ginn am Kader vum Concours.

7. Ännerungen an / oder Annulatioun

D'Matmaache bei der FUN CHALLENGE CLIÄRREF erfuerdert voll Akzeptanz vun dese Reegelen.

Den Organisateur behält sech d'Recht fir de Concours oder en Deel dovun ze änneren, ze verlängeren, ze verkierzen oder ze annulléiere wann et technesch oder organisatoresch Ëmstänn ginn déi dëst géife verlaangen.

D'Reglementer kënnen op der Websäit www.clervaux.lu erofgeluede ginn.